Al - 47

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

# JONGLEUR DE NOTRE-DAME

## "De Gaukler vun eiser léiwer Fra"

Mimik mat Musek, no enger Legend aus dem Mëttelalter.

ROLLEN: Jongleur
Notre-Dame
Abt
3,4 Patren
Statist
2 Kanner

Material: Kleeder fir de Jongleur: Clown...
Kleeder fir d'Muttergottes (können aus Säck oder soss engem Stoff fabrizéiert gin
Kleeder fir d'Patren (Kutten mat Kapuz)
Gong mat Klöppel (oder eppes Aenleches)
Hocker, op deem d'Muttergottes steet
Tounband mat adäquater Musek
Bengel
Schmink.

1. Akt.

Statist könnt op d'Bün, gongt, gët mam Fanger den éischten Akt un, gët d'Bün frei ....(Geste....)

Jongleur kënnt era gesprongen (Rad schloen, Hochstand drécken etc..) schneit komesch Gesiichter, deet d'Läit applodéieren.

Meecht seng Clownereien:

Bengel: Hiewt de Bengel vum Buedem op (ëmmer alles Mimik) hëllt en op een Fanger, op d'Nues, op d'Ouer... deet d'Läit klappen a geet mam Hutt ronderëm....

Bäll: Jongléiert mat de Bäll, nodeem en de Bengel erëm op de Buedem geluegt huet, d'Bäll geholl huet. An d'Luucht werfen, opfänken, ënnert de Féiss erduerch, hannert dem Réck erduerch, etc... deet d'Läit klappen(wann se ët nët schon man) geet mam Hutt ronderëm....

Seel danzen: Geet bäi een Zuschauer en Hoer rappen (Mimik), dréit ët mat zwee Fangeren zu engem Seel; hëllt sech aus den Zuschauer e Kand (viraus d'Saach mat de Kanner bespriechen oder anüben, t'as eng kleng Szeen), dat him deen ee Bout vum Seel unhält; hien dréit d'Seel weider (ët gët ëmmer méi laang; en hëlt en zweet Kand op d'Bün a gët him den zweete Bout vum Seel an d'Hand).

.../...

Kontrolléiert mat der Hand d'Stäärkt vum Seel.
Dréit deenen zwee Kanner d'Käpp den Zuschauer zou, hëllt heemlech aus der Täsch eng Schéier (ëmmer alles Mimik) a schneit d'Seel duerch. Déi zwee Kanner trëllen ëm. De Jongleur laacht sech de Bauch voll vu Freed....
Da knëppt hien déi zwee Wutzen erëm uneneen.
Deet déi zwee Kanner sech huppen oder knéien, esou datt d'Seel iwer dem Buedem schwieft.
Hien klömmt op d'Seel, jongléiert no vir, no hannen (ëmmer Kontakt mat den Zuschauer halen duerch d'Kucken, Laachen, Fanger hiewen, en A zoudrecken etc..)
Elo könnt eppes Schwéieres (Trommelwiirbel, wa méiglech, duerch den Statist); hien huet d'Opmiirksaamkeet op sech gezun. Mecht e Sprong an d'Luucht a land erëm op dem Seel, zur aner Säit gekéiert. Glecklech dat ët réusséiert wor, deet hien d'Läit erëm klappen, sprengt vum Seel erof a geet erëm ophiewen.
Deeselwechten Sprong erëm eng Kéier (mat allem Drëm an Drun); fällt vum Seel erof, hieft sech verdrësslech op, huet d'Been gebrach.
Wat nun ? Wéi säin Brout verdengen ? (Mimik)
Et laut! Aha! Dohannen as e Klouschter. Voller Hoffnung hippt hien dohin. (Nom Lauden d'Musek ofstellen).

<u>Statist</u>: Gongt, hiewt de Fanger, Fanger erof. Gongt erëm, weist zwee Fangeren. Gongt a gët d'Bün frei fir den zweeten Akt.

<u>2. Akt.</u>

D'Patren hun sech op d'Bün verdeelt, maachen nach näischt. De Jongleur hippt erbäi, tuckt un d'Klouschterpaart. Den Statist tuckt zu gläicher Zäit op de Buedem mam Bengel fir d'Geräisch vum Uklappen ze brengen.
D'Musek leeft elo erëm weider.
Den Abt könnt feierlech vun hannen bäi d'Paart, mecht se op, as baff erstaunt de Jongleur an sengem Accoutrement ze gesin.
Sie begréissen sech.
De Jongleur miméiert säin Anliegen: gefall, näischt méi z'iessen, an d'Klouschter erakommen..
Den Abt gët him ze verstoen, dat dat leider nët geet...
De Jongleur biedelt...

.../...

Den Abt wëllt him dann emol de Betrieb weisen.
An deem Ablack fänken d'Fatren hir Mimik un. (Si hun sech esou gestallt, dat nët een deen aneren verdeckt).

E Stärekuckert (Astronom). Mat gewalteger Spektiv sicht hien den Himmel of a notéiert fleisseg wat hien entdeckt...

E Chemiker hantéiert am Laboratoire mat Eprouvetten a mecht seng Experimenter...

E Bibliotheker schreiwt e Buch of, dréit d'Säiten ëm, kuckt genau hin, schreiwt of...

E Pater baackt; kniet den Deeg, façonnéiert d'Brout, leet den Deeg op eng Broutschéiss, mecht den Uwen op, schéisst d'Brout eran, stéist zou...

(Alles gët lues, mat groussen Gesten duergestallt).
Den Abt geet mam Jongleur ronderëm; dee kuckt a stellt fest, dat hien zu näischt ze gebrauchen as... gët dat verdrësslech ze verstoen... as déif entäuscht.
(Musek aus).
<u>Statist</u>: Gongt, hiewt déi zwee Fanger. Schléisst of. Gongt. Weist mat drei Fangeren den drëtten Akt un. Gët d'Bün frei.

<u>3. Akt</u>.

Patren hun sech verzun.
(Den Hocker gouf opgestalt. Notre-Dame steet um Hocker, onbeweeglech).
D'Patren kommen hannerteneen vun enger Säit aus eran a murmelen hir Gebieder; sie kommen der Gréisst no. Den Abt de läschten. De Jongleur hippt hannert dem Abt. Sie bleiwen an enger Rei virun der Statue stoen, verneigen sech a gin erëm virun. Déi eng Halschent bleiwt op enger Säit hannert de Kulissen (wann der do sin). Dei aner Halschent geet op déi aner Säit. De Jongleur verneigt sech virun der Statue a probéiert seng Konschtstecker vu virdrun mat gebrachenem Been. T'geet nët, e fällt, verneigt sech no all Spill, dat hien zu der Statue gedréit, probéiert.
D'Patren kucken aus de Kulissen eraus him heemlech no, een nom aneren, gin de Läit ze verstoen, datt de Jongleur se nët all huet, geckeg as.
Bei enger bestëmmter Musek (Auerklacken vun Orval) as den Jongleur staark decouragéiert a steet niewent der Statue...
Wärend dem Salve Regina könnt op eemol Beweegung an d'Statue (lues, grouss Gesten). D'Muttergottes botzt dem Jongleur mat hirem Voile d'Stir of...

.../...

Staunen a Freed vum Jongleur... hien gët den Zuschauer dat ze verstoen. Bafft Erstaunen vun den Patren.... sie kommen lues a lues virun d'Statue, knéien sech op zwee Knéien a verneigen sech, de Kapp op de Buedem...
De Jongleur as iwergleckIech...
knéit schlussendlech an d'Mëtt vun de Patren, d'Been schlamm gestreckt.
d'Musek klengt lues of.
<u>SCHLUSS</u>.

Den Animateur (Regisseur) hëllt d'Spiller ronderëm sech a versicht mat hinnen(och vläicht mat den Zuschauer, wann ët Kanner sin, de Sënn vum Spill ze ergrënnen...

1) Och hien huet Unerkennung font, trotz sengem gebrachene Been an sengem ongescheckte Spill...
2) Hien gët vu Gott nët verstouss...
3) D'Patren hun eng gudd Léier kritt...
4) .......
5) ....... D'Kanner fannen nach Applikatiounen....

<u>N.B.</u> D'Musek sicht een sech selwer oder freet een sech bäim Pater un. (R.N. Houwald. Tel.: 482-603)